**Evangelium vum 7. Sonndeg vun der Ouschterzäit (Joer A)**

**Joh 17,1-11a**

1 De Jesus huet an den Himmel opgekuckt a sot:
"Papp, d'Stonn ass do.
Verherrlech däi Jong,
fir datt de Jong dech verherrlecht.

2 Well du hues him jo Muecht ginn iwwer all déi, déi aus Fleesch sinn,
fir datt hien hinnen alles gëtt, wat s du him ginn hues:
éiwegt Liewen.

3 Dat hei awer ass d'éiwegt Liewen:
datt si dech, deen eenzegen, dee wierklech Gott ass,
kennen,
an deejéinegen, deen s du geschéckt hues –
Jesus Christus.

4 Ech hunn dech op dëser Äerd verherrlecht,
andeems ech dat Wierk op en Enn bruecht hunn,
dat s du mir ze maache ginn has.

5 Verherrlech du mech elo bei dir, Papp,
mat där Herrlechkeet, déi ech bei dir hat,
nach éier d'Welt bestan huet!

6 Ech hunn deene Mënschen, déi s du mir aus der Welt ginn hues,
däin Numm bekannt gemaach.
Dir hunn si gehéiert,
a mir hues du si ginn,
an si hunn sech un däi Wuert gehal.

7 Elo hunn si erkannt,
datt alles, wat s du mir ginn hues, vun dir kënnt.

8 Déi Wierder, déi s du mir ginn hues,
hunn ech hinne ginn.
Si hunn se ugeholl,
an si hu wierklech erkannt,

datt ech vun dir komm sinn,
an si hu gegleeft,
datt s du mech geschéckt hues.

9 Ech froe fir si.
Ech froen net fir d'Welt,
ma fir déi, déi s du mir ginn hues,
well si gehéieren dir,

10 an alles, wat mäint ass,
ass och däint,
a wat däint ass,
ass och mäint.
Ech sinn an hinne verherrlecht.

11a Ech sinn net méi an der Welt,
si awer sinn an der Welt,
an ech komme bei dech."